



**Réponse de Madame Sam TANSON, Ministre de la Justice,
à la question parlementaire n° 6296 du 2 juin 2022 de l'honorable député Roy
Reding**

D'Situatioun vun mannerjäregen Affer vu sexuelle Strofdoten gëlt als eenzegarteg, an dat aus diverse Grënn.

Als éischt emol muss bemierkt ginn, dass Kanner besonneg betraff si vun der sougenannter „loi du silence“. Oft brauch et Jorzéngten bis se kënnen vun deene Gräueltaten schwätzen déi hinne widderfuer sinn. Dëst ass bedéngt duerch hire jonken Alter an déi traumatesch Aspekter déi en Ugrëff op hir sexuell Integritéit duerstellen. Oft leiden d'Affer och un enger „amnésie traumatique“ déi och vun der WHO unerkannt ass an am DSM-5 (*Diagnostic and Statistical Manual of Mental Disorders*) an an der CIM-11 (*Classification Internationale des Maladies*) als “trouble de stress post-traumatique” agestuufft ass. Déi Amnesie huet als Resultat, dass dat traumatescht Erliewnis aus der „mémoire consciente“ vum Affer verschwënnt.

Ausserdem ass et esou, datt dat mannerjäregt Affer oft eng „relation d'ascendance“ huet oder der Autoritéit vun enger Persoun ausgesat ass, déi och am Wee vun enger Dénonciatioun oder enger Plainte ka stoen. D'Critèren vun der Vulnérabilitéit, bedéngt duerch d'Mannerjäregkeet vum Affer, esou wéi de „caractère sexuel“ vun der Strofdot, sinn also och ausschlaggebend fir op de Wee vun der Imprescriptibilitéit vun dese Strofdoten ze goen.

D'Moosnamen an de neie Gesetzestexter, hu keen onverhältnisméisseg Impakt op den „droit à un procès équitable“ oder den „droit à l'oubli“. D'Ophiewen vun de Verjärungsfristen verhënnert net, dass de Riichter eng “action publique” als irrecevabel erkläert oder e Fräisproch schwätzt wann duerch den Oflaf vun der Zäit net genuch Beweiser virleien oder konnte gesammelt ginn oder d'“droits de la Défense” net kënnen garantéiert ginn.

Et sief och nach präziséiert, dass e rezenten Arrêt vum belsche Verfassungsgeriicht vum 9. Juni 2022 festgehalen huet, dass d'Imprescriptibilitéit vu sexuelle Strofdoten déi op Kanner begaange ginn net géint den „droit à un procès équitable“ verstéisst. D'Verfassungsgeriicht insistéiert och dorop, dass den duebele Critère op deem d'Imprescriptibilitéit baséiert, de sexuelle Charakter vun der Strofdot an d'Mannerjäregkeet vum Affer, objektiv a pertinent ass.

Lëtzebuerg, den 30 Juni 2022

D'Justizministesches

(s.) Sam Tanson